N°3185
Entrée le 13.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Fir d'Ufro oder d'Erweiderung vun enger Etablissementsgeneemegung (autorisation d'établissement) mussen d'Entrepreneuren hir honorabilité professionnelle noweisen. Een Deel vun dëser Iwwerpréiwung ass d'Virleeë vun engem Extrait aus dem Strofregëster (Casier judiciaire).

Wéi eis vu betraffenen Entrepreneuren zougedroe gouf, schéngt et eng spezifesch Hürd fir Persounen ze ginn, déi nach keng 10 Joer zu Lëtzebuerg wunnen. Dës Persoune mussen anscheinend, onofhängeg vun hirer Nationalitéit, en Extrait aus dem Strofdossier vun hirem Hierkonftsland abréngen. Dës Ufuerderung gëtt als kompliz éiert an zäitintensiv ugesinn.

Besonnesch inkohärent schéngt dës Reegel a Fäll, wou en Entrepreneur, deen d'Prozedur fir seng éischt Geneemegung scho mat Erfolleg duerchlaf huet a seng honorabilité professionnelle deemools nogewisen huet, elo fir eng simpel Erweiderung vu senger Aktivitéit dës Pabeieren nees muss abréngen. Dëst widderhëlt net nëmmen eng administrativ Demarche, mee stellt d'Verhältnesméissegkeet a Fro, besonnesch wann déi betraffe Persoun mëttlerweil d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, dass Persounen, déi eng Etablissementsgenehmegung erweidere wëllen a manner wéi 10 Joer zu Lëtzebuerg residéieren, en Extrait aus dem Strofdossier vun hirem viregte Residenzland musse virleeën?
2. Kann de Minister confirméieren, dass dës Ufuerderung och fir naturaliséiert Lëtzebuerger Bierger gëllt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

3. Aus wéi engem Grond muss d'honorabilité professionnelle duerch en auslännesche Strofdossier op en Neits iwwerpréift ginn, obwuel dës scho bei der éischter Geneemegung vum selwechten Entrepreneur festgestallt gouf?

4. Steet dës zousätzlech Kontroll am Aklang mam Prinzip vun der administrativer Vereinfachung? Gëtt et Pläng, dës Prozedur unzepassen, fir eng duebel Iwwerpréiwung bei simpelen Erweiderunge vun Aktivitéiten ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés